N°3172
Entrée le 16.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et du ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, Serge Wilmes, à la question parlementaire n°3172 du 11 novembre 2025 de l'honorable député Tom Weidig au sujet de la gestion et du recyclage des éoliennes industrielles en fin de vie**

1. ***Wéi vill industriell Wandanlage sinn zu Lëtzebuerg aktuell am Betrib, wéi vill am Bau a wéi vill sinn der geplangt ?***

Fir dës Froe sinn industriell Anlagen ab enger Leeschtung vu 500 kW oder méi definéiert. Aktuell sinn 71 Anlagen am Betrib, an 8 Anlage beim gréisste Bedreiwer am Bau. D'Regierung huet keng präzis Informatiounen doriwwer wéi vill Anlagen aktuell geplangt sinn.

2. ***Wat ass den duerchschnëttlechen Alter vun den industrielle Wandanlagen zu Lëtzebuerg ?***

D'Wandanlagen zu Lëtzebuerg sinn am Duerchschnëtt 7 Joer al.

3. ***Wat ass déi duerchschnëttlech Lafzäit vun enger industrieller Wandanlag hei am Land ?***

D'Wandanlagen zu Lëtzebuerg ginn am Duerchschnëtt no 20 Joer vum Netz geholl. Zukünfteg Anlage gi mat enger Lafzäit vu 25 Joer geplangt.

4. ***Wéi vill vun den industrielle Wandanlagen hei am Land sinn 20 Joer oder méi al ?***

Zu Lëtzebuerg sinn aktuell 2 industriell Anlagen iwwer 20 Joer al.

5. ***Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi eng Offallstoffer beim Réckbau vun enger industrieller Wandanlag mussen op wéi eng Manéier entsuergt ginn a preziséieren, op wéi enger gesetzlecher Basis déi entspriechend Ëmweltschutzmoossname gereegelt sinn?***

D'Offallgestioun ënnerläit de Virgabe vum Offallgesetz (loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets). Déi Haaptoffallfraktiounen déi ufalen, si Metallschrott, Glasfaser, Plastik a Bëton vum Sockel. Déi Fraktioune ginn iwwert geneemegt Offalltransporteuren no de Prinzippie vun den Artikelen 9 an 10 vum Offallgesetz ofgeholl an enger Filière zougefouert wou se kënnen erëm genotzt ginn, preparéiert gi fir eng Erëmbenotzung, recycléiert ginn, valoriséiert ginn oder entsuergt ginn. Genau Zuelen iwwer déi eenzel Offallfraktiounen déi an dësem Kader entstinn, leien net vir.

No Indikatioune vum Secteur vu Lëtzebuerger Entwéckler vu Wandanlage geschitt Follgendes mat den Offäll :

| **Offallstoffer** | **Verwäertung/Opbereedung** |
|---|---|
| Bëton vum Tuerm a Fundament | Ginn am Bausecteur als Concassé verwäert |
| Stol vum Tuerm a Bewehrung vum Fundament | Gëtt ageschmolt |
| Rotorblieder | Thermesch Verwäertung als Ersatzbrennstoff oder materialtechnesch Opbereedung |
| Elektronik & elektresch Komponenten | Ginn als Ersatzdeeler weiderbenotzt oder recycléiert |

6. ***Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill industriell Wandanlagen an de Joren 2015 bis 2024 hei am Land jeeweils zeréckgebaut goufen, wéi en Alter dës jeeweils erreecht haten a wéi héich de Käschtepunkt fir de Réckbau all Joers insgesamt louch?***

D'Käschte fir de Réckbau vun enger Anlag mat engem Stoltuerm ginn op 250.000 €, mat engem Bëtonstuerm op 350.000 € geschat.

| **Joer** | **Unzuel Anlagen déi vum Netz geholl goufen** | **Alter vun den Anlagen** |
|---|---|---|
| 2015 | - | - |
| 2016 | 8 | 16 – 17 Joer |
| 2017 | - | - |
| 2018 | - | - |
| 2019 | - | - |
| 2020 | 5 | 21 – 23 Joer |
| 2021 | 10 | 17 – 18 Joer |
| 2022 | 4 | 23 Joer |
| 2023 | - | - |
| 2024 | 3 | 25 Joer |
| 2025 | - | - |

Luxembourg, le 15/12/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles